

Liberty Steel, Green Sill an Arcelor Mittal – Europäesche Multiskandal **setzt Lëtzebuurger Stolindustrie ënner Drock**

I. 2013 – Ufank vun der Affaire an Apulien

D'Stolwierk "Ilva" vum italieenesche Stolproduzent "Gruppo Riva" zu Tarent suergt wéinst feelendem Ëmweltschutzmoosnamen (am klassesche Sënn vum Wuert!) säit Joerzénge fir negativ Schlagzeilen. Et lafe regelméisseg Chemikalien aus, d'Grondwaasser an den Dierfer ronderëm ass kontaminéiert, vill Leit gi schwéier krank...asw.

2013 decidéiert d'Regierung d'Wierk ënner Zwangsverwaltung ze stellen an de Parquet confiscuéiert Firmeverméigen am Gesamtwäert vun aacht Milliarden Euro. D'Stolwierk ass e Sanéierungsfall an et wier warscheinlech am einfachste gewiescht et zou ze maachen. Domat hätt déi süditalieenesch Regioun Apulien, déi souwisou staark vun Aarmut betraff ass, awer hire gréissten Employeur, mat circa 10 000 direkten Aarbechtsplazen verluer. Bei den Zouliwwerer wiere weider 6 000 Aarbechtsplazen a Gefor gewiescht.

D'italieenesch Regierung huet duerfir probéiert eng aner Léisung ze fannen. Et gouf zeréck behalen, fir e privaten Investor ze sichen, deen d'Wierk soll sanéieren. Fir, datt dësen awer net onmëttelbar fir d'Vergoe vu sengem Virgänger misst haften, sollt e bis 2023 eng entspreichend juristesche Immunitéit zougesechert kréien. Bis dohinner hätt en Zäit, fir d'Stolwierk un déi gültig Ëmweltgesetzter unzepassen, anerefalls kéint e selwer an d'Verantwortung geholl ginn.

Den entspreichende Kontrakt gong un Arcelor-Mittal. De Kafpräis gouf op 1,8 Milliarden Euro fixéiert. Weider 2,4 Milliarde sollten an d'Moderniséierung vum Betrib investéiert ginn.

II. Amëschung aus Bréissel

Dëse Plang ass allerdéngs op de Widderstand vun der EU-Kommissioun gestouss, déi eng ze staark Positioun vun Arcelor-Mittal um europäesche Stalmarché gefaart huet. Fir de Kontrakt wéi geplangt kënnen ofzeschléissen huet den eemolege Lëtzebuurger Traditiounsbetrieb fir d'éischt eng Rei aner europäesch Wierker misse verkafen, dorënner och dat zu Diddeleng.

Den deemolege Wirtschaftsminister Etienne Schneider an d'Lëtzebuenger Gewerkschaften hunn sech unanime géint dee Verkaf ausgeschwat. D'Wierk wier ganz enk an déi spezialiséiert Veraarbechtungskette vun Arcelor-Mittal integréiert. En anere Propriétaire hätt duerfir Problemer, fir et mat deem bestoenden Equipement a Personal einfach weider ze féieren.

D'ADR hat an enger Pressematdeelung vum 8. Mee 2018 follgendermoosse Stellung bezunn: *“Den opgeblosene Pobeiertiger zu Bréissel brëllt a Lëtzebuerg kusch: Arcelor-Mittal muss sechs Betriber – dorënner d'Diddelenger Galvaniséierung - verkafen, fir en italieneesche Stolproduzent däerfen opzekafen. Well Arcelor-Mittal seng Positioun um Weltmaart wëll stäerken, muss dee gréisste Stolproduzent no Bréisseler Bürokratelogik fir d'éischt Fiedere loosse fir seng eege Konkurrenz an Europa opzepäppelen [...] Fir Diddeleng ass den Dirigismus vu Bréissel net gutt. D'Ex-Galvalange hat am Kriseminett vun de 1980er Joren Symbolcharakter, als en Zeeche datt et eng Zukunft gëtt. Et hänke vill Schweess, Energie a Suen un där Lëtzebuenger Politik fir d'Stolindustrie. Dat zielt alles näscht fir den nächste Keefer mam Seege vun der EU, dee wahrscheinlech kee Besuch zu Diddeleng an zum Land huet, jo wahrscheinlech emol net zu Europa”.* Fataler Weis hat de Staat awer keng politesch Souveränitéit méi, fir sech de Pläng vun der Kommissioun entgéint ze stellen. Dozou d'ADR: *“Fir d'ADR gëtt hei alt nees eis staatlech Souveränitéit ënnerlaf. Och wann eis Regierung e bësse mat de Flilleke geklappt huet, ass d'Bréisseler Diktat Gesetz”.*

D'Wierk zu Diddeleng goung schliisslech u “Liberty Steel”, e brittesche Konkurrent vun Arcelor-Mittal.

III. 2018 – Italieenesch Lénkspopulisten torpedéieren de Kontrakt mat Arcelor-Mittal

No de Parlamentswale vun 2018 hunn déi italieenesch Lénkspopuliste vun der 5-Stäere-Beweegung als stäerkst Partei d'Regierung an Italie gestallt. Si hunn sech un d'Zousoe vun hire Virgänger net méi gebonne gefillt a wollten Arcelor-Mittal onmëttelbar fir d'Schieden um Wierk zu Tarent haftbar maachen.

Des Décisioun hätt fir Arcelor-Mittal en Desaster bedeit an si hu vun enger Récktrëttsklausel Gebrauch gemaach. No villem hin an hier huet den italieenesche Staat sech schliisslech selwer um Skandalstanduert “Ilva” bedeelegt. D'Wierk zu Diddeleng war awer fort.

IV. Greensill - D'Londoner Finanzplatz gëtt vun engem Bankeskandal erschüttert

Den 8. Mäerz 2021 huet d'Greensill Capital Bank zu London misse faillite umellen. Dëse Virgang weit sech séier zu engem Skandal aus, well d'Bank net nëmmen ënner Bedruchsverdacht steet, mee de CEO Lex Greensill och bis an héchst politesch Kreesser vernetzt war. Sou huet sech beispillsweis de fréiere Premierminister David Cameron als Lobbyist fir déi Bank engagéiert. Parallel gëtt an Däitschland eng gréisser Enquête géint d'Greensill Bank AG lancéiert.

Op den éischte Bléck huet dëse Skandal wéineg mat dem Diddelenger Stolwierk ze dinn. Allerdéngs huet sech séier raus gestallt, dass Greensill Capital zouglaich den Haaptcréancier vu Liberty Steel war. Doduerch, dass d'Krediter vun dëser Banke weg falen, geréit deen héich verscholte Stolkonzern an akut Liquiditéitsproblemer.

Enn Mäerz refuséiert d'britesch Regierung allerdéngs, der Entreprise mat engem öffentlechen Iwwerbréckungsprêt ze hëllef. Am Kader vun den Enquête a verschiddenen, europäesche Länner géint Greensill stinn aktuell (Fréijoer 2022) souwuel den indesche Milliardär a Propriétaire vu Liberty Steel, Sanjeev Gupta selwer, wéi och de Konzern "Liberty House Group" ënnert dem Verdacht vu Geldwäsch an Detournement vu Fongen an d'Firma steet virun der Faillite.

V. Wéi weider mat Diddeleng?

D'Fro no der Zukunft vun der Diddelenger Schmelz konnt säitdem net gekläert ginn. Déi noleieend Léisung, dass d'Arbed d'Wierk zeréckkeeft, gouf duerchkräizt, well sech Bréissel alt nees, entgéint de Verspriecheunge vun der Regierung queesch gestallt huet. D'Paie vun den Diddelenger Mataarbechter sinn ëmmer rëm vu Mount zu Mount weider ausbezuelet ginn, mee hier Zukunft hänkt säit zwielef Méint an der Loft. Am Hannergrond si Verhandlung mat verschiddenen Interessente gefouert ginn, déi awer engersäits doduerch méi komplizéiert goufen, dass déi reell finanziell Situatioun vu "Liberty House" komplett am Däischtere bleift an d'Diddelenger Schmelz anerersäits an eng Produktiounskette mat zwee Belsche Wierker integréiert gouf. E Kaf fir e potenziellen Investor just als ganze Pak Sënn maachen. Dës Méiglechkeet gouf am Februar/Mäerz 2022 virun engem Lécker Geriicht tranchéiert an

ugeholl. De Procureur ass awer an Appell gaangen, sou, datt eng Faillite nom Stand vum 17. Mäerz 2022 ëmmer méi warscheinlech gëtt.

VI. Conclusioun

Arcelor-Mittal hat 2017 souwuel ënner betribswirtschaftlech wéi sozialen an ökologeschen Aspekter e wichtegen Engagement an Italie geholl an ass duerfir vun der Europäescher Kommissioun vëlleg onnëtz ofgestroft ginn. Et kritt ee souguer den Androck, den Haaptinteresse vu Bréissel wier virun allem politesch Geltungsbedürfnis gewiescht. Onofhängeg dovum wat schlussendlech d'Motiver waren, gouf d'Lëtzebuerger Stolindustrie an deem politesche Koméidistéck awer gläich duebel bestrooft. Zum engen huet Arcelor-Mittal als grouse Lëtzebuerger Stolproduzent vëlleg fir näischt eng Rei wichteg Wierker, dorënner dat zu Diddeleng misse veräusseren.

Keng dräi Joer duerno stoung de Successeur virun der Faillite a säitdem liewen d'Mataarbechter all Dag mam Risiko, datt d'Wierk zougemaach gëtt. D'Arbed engagéiert sech esouguer, d'Wierk zeréck ze kafen, mee op en Neits ass et d'EU, déi blockéiert, während den Ëmgang mat deem vu Bréissel diktéierte Misär de Memberstaaten iwwerlooss gëtt. Falls änlech Zenarien op mannst zukünfteg solle verhënnert ginn, muss d'Regierung sech dréngend fir eng politesch Haftbarkeet vun der EU staark maachen.

VII. Fir Interesséierter – Quellen

https://de.wikipedia.org/wiki/Gruppo_Riva

<https://de.wikipedia.org/wiki/Tarent>

https://en.wikipedia.org/wiki/Greensill_Capital

https://en.wikipedia.org/wiki/Sanjeev_Gupta

<https://www.dw.com/de/italien-stahlkonzern-milliarden-beschlagnahmt/av-16835561>

<https://www.wort.lu/de/business/stahlindustrie-arcelormittal-und-marcegaglia-bieten-fuer-stahlwerk-ilva-58bd8d98a5e74263e13ab918>

<https://www.wort.lu/de/business/arcelormittal-plant-uebernahme-eu-kommission-leitet-untersuchung-ein-5a0339d8c1097cee25b76f17>

<https://www.wort.lu/de/business/arcelormittal-stellt-duedelingen-zur-disposition-5ad08377c1097cee25b87425>

<https://www.wort.lu/de/business/bruessel-stoesst-gewerkschafter-vor-den-kopf-5af02a22c1097cee25b88dfe>

<https://www.tageblatt.lu/headlines/rueckzieher-in-italien-arcelormittal-will-ilva-nun-doch-nicht-mehr-kaufen/>

<https://www.wort.lu/de/business/ausser-spesen-5dc0678cda2cc1784e34f18a>

<https://www.spiegel.de/wirtschaft/unternehmen/arcelormittal-steigt-bei-italienischem-stahlwerk-aus-a-1294868.html>

<https://www.wort.lu/de/business/das-ist-inakzeptabel-italiens-ministerpraesident-ueber-arcelormittal-5dc3f378da2cc1784e34f45a>

<https://www.wort.lu/de/business/stahlwerk-ilva-der-sterbende-koLOSS-in-sueditalien-5dd27c97da2cc1784e350004>

<https://www.tagesspiegel.de/wirtschaft/einigung-zwischen-arcelormittal-und-rom-italienisches-stahlwerk-ilva-soll-gerettet-werden/25261288.html>

<https://www.wort.lu/de/business/arcelormittal-einigung-zum-werk-ilva-5e5fcf1ada2cc1784e3578bd>

<https://www.onvista.de/news/italienischer-staat-kauft-sich-in-arcelormittal-stahlwerk-ilva-ein-418876393>

<https://www.tageblatt.lu/wirtschaft/italienischer-staat-wird-mehrheitseigentuerer/>

<https://eurometal.net/italienischer-staat-mehrheitseigentuerer-von-arcelormittal-stahlwerk-ilva/>

<https://www.wort.lu/de/business/arcelormittal-einigung-zum-werk-ilva-5e5fcf1ada2cc1784e3578bd>

<https://adr.lu/arcelor-mittal-an-de-breisseler-diktat/>

<https://metallurgprom.org/en/news/europe/7884-djevid-kameron-zajavil-o-svoej-neprichastnosti-k-problemam-liberty-steel-i-gfg-alliance.html>

<https://www.insider.co.uk/news/uk-government-rejects-170-million-23813252>

<https://www.bbc.com/news/business-56554590>

<https://www.welt.de/wirtschaft/article230236913/Ex-Premier-David-Cameron-in-Greensill-Skandal-verwickelt.html>

<https://www.spiegel.de/wirtschaft/greensill-skandal-boris-johnson-laesst-rolle-von-ex-premier-david-cameron-pruefen-a-86c1cb07-e1ab-4467-9adf-aa524679b2d0>

https://en.wikipedia.org/wiki/Liberty_House_Group

<https://paperjam.lu/article/dudelange-est-toujours-dans-im>

<https://www.wort.lu/de/business/gericht-in-belgien-billigt-sanierungsplan-619cf39dde135b9236e24aa0>

<https://www.wort.lu/de/business/die-zukunft-des-stahlwerks-in-duedelingen-steht-weiterhin-auf-wackligen-beinen-61f28006de135b9236f83c98>

<https://www.wort.lu/de/business/staatsanwaltschaft-will-sanierungsplan-fuer-liberty-steel-aufheben-6220dff9de135b92366939e0>

<https://www.theguardian.com/business/2022/mar/08/steel-tycoon-sanjeev-guptas-gfg-alleged-to-have-misappropriated-funds-in-romania>

<https://www.wort.lu/de/business/liberty-steel-einheit-liege-dudelange-geht-auf-die-liquidation-zu-62334f7dde135b9236da0ea6>